



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. August 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Famill an Integratioun an un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

De Familljeministär schéckt reegelméisseg Invitatiounen u Leit, déi den RMG ufroen, fir si an enger Informatiounsversammlung iwuer d'RMG-Gesetz an de weidere Prozedurverlaf no der Ufro opzeklären. Op d'mannst en Deel vun esou Versammlunge ginn op Franséisch gehalen. An esou engem Bréif steet dann: "vous participerez à une réunion d'information **en langue française** d'une durée de 2 heures (...) Au cas où vous n'auriez pas de connaissances suffisantes de la langue française, je vous prie de vous faire accompagner par une personne pouvant vous traduire les informations fournies à l'occasion de cette réunion."

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un den Här an d'Madame Minister.

1. Wéi ass de Sproocheregime an deene Reuniounen? Wéi vill Reunioune ginn op wéi enge Sprooch gehalen? Wéi vill Reunioune ginn et a Lëtzebuenger Sprooch, respektiv op Däitsch? Zënter wéini gëllt dee Sproocheregime an deene betreffende Reuniounen?
2. Ginn déi Informatiounen, vun deenen hei rieds geet, vu Leit vermëttelt, déi an der Lëtzebuenger Fonction publique schaffen an déi déi dräi Verwaltungssprooch vum Land kënnen?
3. Ginn déi Informatiounen och schrëftlech an deenen dräi Verwaltungssproochen un déi Interesséiert ausgedeelt?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt et ëmmer d'Verwaltung ass, déi sech muss an deenen dräi Verwaltungssprooch vum Land un d'Bierger adresséieren, sou datt déi Betreffen d'Informatiounen beschtméiglech verstinn?
5. Ginn esou Bréiwer, déi am Verlaf vun der Prozedur fir den RMG ze kréien, verschéckt ginn, och op Lëtzebuergesch, respektiv op Däitsch eraus?
6. Oder ass d'Regierung der Meenung, datt et um Bierger ass, déi néideg Efforten ze maachen, fir dat ze verstoen, wat d'Verwaltungen hinnen op Franséisch erklären?

7. Wann eng Persoun, wéi am Bréif vum Familljeministär suggeréiert, op d'Servicer vun enger drëtter Persoun, z.B. engem Iwwersetzer, muss zréckgräifen, fir Informatiounen vu Franséisch op eng vun deenen zwou anere Verwaltungssproochen vum Land iwwersetzen ze loossen, ass d'Regierung da bereet, d'Käschten dofir ze droen? Wier et net méiglech, datt déi Institutioun, déi d'Informatiounsversammlung organiséiert, och den Iwwersetzer stellt? Wann nee, wat sinn d'Grënn dofir? Wa jo, kann dëst dann och am Bréif vermerkt oder proposéiert ginn?
8. Wéi kompatibel gesäit den Här Kulturminister d'Organisatioun vun dëser Informatiounsprozedur mat der Regierung hirem 40-Punkten-Plang zur Fërderung vun der Sprooch?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten